V/14
06/11/2025

# BERNINA A GLACIER EXPRESS

## SONNDEN 18. – SAMSDEN 24. JANUAR 2026





De Comité vun der Amicale POST Lëtzebuerg invitéiert seng Memberen, Familljen a Frënn op den Glacier an de Bernina Express an der Schweiz.

Programme provisoire :

- **Sonnden 18/01 Lëtzebuerg – Pontresina oder Ëmgéigend**. Mat den Navetten op P+R Raemerich, Depart um 6:00 ob Pontresina oder Ëmgéigend , Mëttegiessen an am spéiden Nomëtte Check-in an onsen Hotel * * */ * * * * an Owesiessen.
- **Méinden 19/01 Muottas Muragl**. Haut hu mir en Ausfluch an den Uewer Engandin. Dir fuert mat der eelster Biergbunn vun Engadin op de Muottas Muragl, engem fantasteschen Héichplateau. Dir hutt d'Méiglechkeet fir eng kuerz Wanderung oder eppes kléngs ze drénken. Duerno geet eis Rees weider op de Morteratschgletscher am spéiden Nomëtte Retour an onsen Hotel, Owesiessen.
- **Dënschden 20/01 Chiavenna – Bernina Express**. Nom Kaffi fuere mir an déi kleng italieenesch Stad Chiavenna, bekannt fir hiren historeschen Zentrum a seng éischtklasseg Restauranten. Vun do aus geet et weider op Tirano. Den Héichpunkt vum Dag ass d'Faart mam Bernina Express, eng Streck déi eenzegaarteg ass mat de Berninapass op iwwer 2.300 Meter Héicht a mir komme schliisslech zu Pontresina un. Retour an den Hotel an Owesiessen.
- **Mëttwoch 21/01 Glacier Express 1**. Grupp. Kaffi an Transfer op St Moritz Depart um 08:38 mam Excellence Waggon 20 Leit max ( 5. Gang Menü mat dënne jeeweilege Wäiner, jiddereen huet een eenzelnen Sëtz) an Arrivée zu Zermatt um 17:07 Transfer an onsen Hotel * * * * an Owesiessen. 2. Grupp huet da Freizäit an Owesiessen ass am Hotel.
- **Donneschden 22/01 Glacier Express 2**. Grupp. Kaffi an Transfert op St Moritz Depart um 08:38 mam Excellence Waggon 20 Leit max ( 5. Gang Menü mat dënne jeeweilege Wäiner, jiddereen huet een eenzelnen Sëtz) an Arrivée zu Zermatt um 17:07 Transfer an onsen Hotel * * * * an Owesiessen. 1. Grupp huet da Fräizäit an Owesiessen ass am Hotel.
- **Freiden 23/01 Zermatt.** Kaffi an Transfert op Zermatt wou dir all Fräizäit huet, wou dir kënnt mat der Seelbunn op Bierg Statioun Matterhorn erop fueren kënnt, shoppen oder spadséiere kënnt goen. Am spéiden Nomëtte fuere mir zeréck an onsen Hotel wou mir dann e schéine leschten Dag mat engem gudden Owesiessen ofschléissen.
- **Samschde 24/01 Zermatt – Lëtzebuerg**. Nom Kaffi fueren mir mam Bus Richtung Lëtzebuerg. Ënnerwee gi mir zu Mëttegiessen an am spéiden Nomëtte wäerten mir zu Raemerich mam Bus ukomme wou Navette schonns op eis waarden fir Iech Heem ze feieren.

De Präis vun dëser Rees fir Memberen ass 2610 € pro Persoun an engem Duebelzëmmer an 3045 € pro Persoun an engem Eenzelzëmmer. Si enthält Ënnerkonft an engem 3/4-Stären-Hotel, Navette, Busrées hin an zréck, Hallefpensioun (ouni Gedrénks). Den Ticket am Excellence Wagon am Glacier Express mat 5 Gang Menü an sengen jeweilegen Wäiner. Net-Memberen bezuele weider 15 €. Eng Reesversécherung ass net abegraff. Akont 400 € pro Persoun.

Inscription via https://amicalepost.lu/events